



Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 12. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Schonn zënter Jore feelt et op de Buslinnen un Toilettë fir d'Buschaufferen. Fir déi Situatioun ze verbesseren ass am Joer 2017 decidéiert ginn, dass de Staat, nieft de verantwortleche Gemengen, en Deel vun de Käschte fir esou Toilettë géif iwwerhuelen.


Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro vum Här Max Hahn vum 26. Februar 2020, schreift den Transportminister dass nëmme wéineg Gemengen sech gemellt hunn fir dës Subventiounen ze kréien, 4 Gemengen am Joer 2018 an 2 Gemengen am Joer 2019. D'Situatioun huet sech also deemno net wesentlech verbessert.

Dofir wéilt ech dem Här Mobilitéitsminister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Toilettë ginn et fir Buschaufferen?
2. Op wéi enge Plaze sinn dës Toiletten ze fannen a wéi ass hiren Zoustand?
3. Firwat hunn nëmme wéineg Gemengen eng Subventioun ugefrot?
4. Ass den Här Minister zefridde mat der aktueller Situatioun?

5. Wéi gedenkt den Här Minister an deem Dossier weider ze agéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



Luxembourg, le 23 FEV. 2021

**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec**  
**le Parlement**

**Service Central de Législation**  
**Luxembourg**

REÇU

Par Aiff Christian , 09:25, 23/02/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire N° 3648 du 12 février 2021 de l'honorable député Monsieur Fred Keup, concernant l'installations sanitaires pour les chauffeurs de bus, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**  
**Ministre de la Mobilité**  
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op  
d'parlamentaresch Fro n° 3648 vum 12. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup  
betreffend Toilettë fir d'Buschaufferen op de Buslinnen**

Uechter d'Land verdeelt, ginn et eng 132 Toiletten déi d'Buschauffere kënnen benotzen.

D'Toilette sinn an der Reegel um Terminus vun de Buslinnen a wa se iwwer de Staat subsidéiert sinn, muss och en Entretien garantéiert sinn. Wat den Zoustand vun den Toiletten ubelaangt, sou huet de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte keng weider Informatiounen, well d'Gemenge responsabel si fir den Entretien.

De Staat iwwerhëlt 50 % vun de Käschte bei enger Installatioun vun enger Toilette déi fir d'Buschaufferen accessibel ass. De Plaffong bei dem Subside léit bei 25.000.- Euro. De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ass leider net an der Lag ze soe firwat net méi Gemengen de Subside ufroen.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ass net zefridde mat der aktueller Situatioun an ass dofir am Gaangen ze préiwe fir eventuell de ganze Volet vun de Busarrêten an Infrastrukturen am Zesammenhang mat der Exploitatioun vum RGTR Reseau ze zentraliséieren.

An deem Dossier stinn dowéinst nach Gespréicher mam Syvicol un.